MARC HANSEN
DEPUTÉIERTEN

De Marc Hansen (Joergang 1968) ass e lëtzebuergesche Politiker vun déi gréng. 2018 ass hien am Südbezierk fir d'éischt an d'Chamber gewielt ginn. Hien ass bestuet, Papp vu véier Kanner a wunnt zu Käerjeng.

De Marc Hansen ass geléierten Apdikter a bedreift zanter 2016 seng eegen Apdikt zu Rammerech.

Seng politesch Karriär huet hien 2012 ugefaangen, wou hien zu Käerjeng an de Gemengerot gewielt ginn ass. Vun deem Mandat ass hien 2019 aus perséinleche Grënn zeréckgetrueden.

Dem Marc Hansen seng politesch Schwéierpunkte si Gesondheetspolitik, Digitaliséierung, Medien- an Netzpolitik.

Nieft sengem Chambermandat ass hien och engagéiert bei „Käerjeng hëlleft a.s.b.l" enger Initiativ, déi am Beräich vun der Kooperatioun an der Entwécklungshëllef aktiv ass.

Parlamentaresch Kommissiounen

- **Petitiounen (Vizepresident)**
- **Gesondheet a Sport**
- **Mobilitéit an ëffentlech Bauten**
- **Digitaliséierung, Medien a Kommunikatioun**
- **Interieur a Gläichstellung tëschent Fraen a Männer**
- **Logement**
- **Educatioun, Kandheet, Jugend, Héichschoul a Fuerschung**

Weider Mandater a Funktiounen

- **Gemengerot zu Käerjeng vun 2012-2019**
- **Käerjeng hëlleft a.s.b.l (President)**

CONTACT

Marc Hansen
Député
4, rue du St. Esprit
L-1475 Luxembourg
mahansen@chd.lu
(+352) 46 37 40-1